Sensibilité politique
Boîte postale 83
L-7201 Bereldange

Fernand ETGEN
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 19/02/2020

Här President,

Sou wéi den Artikel 83 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministere fir Mobilitéit & Ëffentlech Aarbechten weiderzeleeden.

A menger parlamentarescher Fro n°1656 hat ech de Minister ëm Informatiounen zu den Aarbechten op der Route de Remich (N2) gefrot. An der Äntwert verweist de Minister dorop, dass Ponts et Chaussées net zoustänneg fir d'Strooss ass an dass d'Gemeng Contern Prezisiounen zu menge Froe liwwere kann. E puer Deeg drop huet d'Buergermeeschtesch vun der Gemeng dunn an engem Artikel vum 11.2.2020 am Lëtzebuerger Wort behaapt, dass een net eleng der Gemeng d'Schold opdrécke kéint ugesiichts dovunner, dass et sech ëm eng Nationalstrooss handelt a Ponts et Chaussées bei Problemer zoustänneg ass.

Aus den Äntwerte vum Minister souwéi der Riposte vun der Gemeng Contern ass bis dato net erkennbar, wien fir den desolaten Zoustand vum Stroossebelag an déi doduerch entstane Beanträchtegung vun der Liewensqualitéit fir d'Awunner zoustänneg ass.

An deem Zesummenhang wéilt ech de Ministeren dës Froe stellen:

1. An der Äntwert op meng Fro, ob d'Bréiwer vun den Awunner traitéiert goufen, schreift de Minister, dass dës un d'Gemeng Contern weidergeleet goufen, fir d'Problemer ze behiewen. D'Gemeng Contern verweist am Wort-Artikel op d'Responsabilitéit vu *Ponts et Chaussées*, well et sech bei der N2 ëm eng Nationalstrooss handelt. Ass de Minister der Meenung, dass d'Kommuniktatioun tëschent dem Ministère an der Gemeng Contern zefriddestellend ass?

2. Wéi ass et z'erklären, dass weder d'Gemeng, nach de Ministère de concernéierte Bierger zu Moutfort eng zefriddestellend Léisung zum Problem vum Stroossebelag ubidde konnten?

3. De Minister schreift a senger Äntwert, dass de Stroossebelag zu Moutfort um Enn vun alle Baumoossname wäert hiergestallt ginn. Kann de Minister erklären, wien dofir suergt, dass de Stroossebelag nom Enn vun alle Schantjen erëm hiergestallt gëtt?

4. Aus der Äntwert vum Minister ass dovunner auszegoen, dass all d'Bauhäre vun der oppener Strooss zu Moutfort profitéiert hunn, fir hier Aarbechten duerchzeféieren. Mussen alleguerten d'Bauhären dann och finanziell fir de neie Stroossebelag opkommen oder iwwerhëlt Ponts et Chaussées dëse Service? Falls déi zweet Optioun zoutrëfft, firwat?

Mat déiwem Respekt,

Sensibilité politique
Boîte postale 83
L-7201 Bereldange

GOERGEN Marc
Député